LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Luxembourg, le 03/12/2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
03 DEC. 2019

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°1410

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1410 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre de l'Energie,

Claude Turmes

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Énergie à la question parlementaire n° 1410 du 30 octobre 2019 de l'honorable député Jeff Engelen**

---

*Zu Lëtzebuerg ginn et verschidden Ubidder vu Stroum. Laut mengen Informatiounen däerfe verschidde vun deenen Ubidder keen Stroum zu Lëtzebuerg akafen, hei gesäit et esou aus, ewéi wann d'Enovos deen eenzegen ass, deen dat däerf. Wat de Reseau vun der Stroumverdeelung ugeet, do huet jo am Prinzip d'Creos de Monopol, wat jo, am Fall wou déi genannten Informatioune stëmmen, géint de System vum fräie Maart ass.*

*An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Energieminister:*

*1.) Sinn déi uewe genannten Informatioune korrekt?*

Lëtzebuerg huet keen eegenen Stroummarché, mee ass als Deel vun der däitscher Marchészon domat och an den europäeschen Stroummarché integréiert. Jidderee vun deenen am Moment 22 zu Lëtzebuerg zougeloossenen Ubidder ("fournisseur") däerf säi Stroum bei engem virgelagerten Ubidder ("fournisseur de gros") oder iwwert en direkten Stroumliwwervertrag mat engem (lëtzebuerger oder auslänneschen) Stroumproduzent oder awer op enger Stroum-Bourse am Ausland akafen.

*2.) Wa jo, firwat däerfe verschidde Stroumubidder zu Lëtzebuerg kee Stroum hei am Land akafen? Op wéi eng gesetzlech Dispositioune berifft sech dës Reegelung?*

*3.) Duerch wéi eng gesetzlech Dispositiounen ass et ze rechtfäerdegen, datt d'Creos de Monopol um Reseau vun der Stroumverdeelung huet?*

Zu Lëtzebuerg gëtt et am ganzen 5 Stroumnetzbedreiwer um Verdeelerniveau. Dat sinn niewt der CREOS och nach "Ville de Diekirch", "Electris par Hoffmann Frères S.à.r.l. et Cie s.e.c.s.", "Ville d'Ettelbruck" a "Sudstroum S.à.r.l. & Co s.e.c.s". Dës sougenannten "gestionnaires de réseau de distribution" hunn alleguer e fest zougedeeltent Gebidd, dat iwwert eng staatlech Concessioun definéiert ass an op dem si de Monopol, wat Bedreiwen vum Stroumnetz ugeet, hunn. Dës natierlech Monopoler si streng am Stroumgesetz vum 1. August 2007 gereegelt a ginn vum Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR) iwwerwaacht. Hei schwätzt een vum engem "reguléierte Marché". D'Aktivitéiten vun den Netzbedreiwer sinn kloer ze trennen vun den Aktivitéiten um "fräien Marché", wou d'Ubidder ("Fournisseuren") de Stroum akafen an erëm un hir Clienten weiderverkafen. All Client kann sech och säin Ubidder fräi eraussichen. Netzer mussen och all den Ubidder zur Verfügung stoen an op der anerer Säit däerfe Netzbedreiwer keng Aktivitéiten, déi mat dem Handelen vun Energie (um fräien Marché) ze dinn hunn, bedreiwen. Op der Internet Säit vum Regulateur ILR (https://web.ilr.lu/FR/Professionnels/Electricite/Acteurs/Le-marche-et-les-acteurs/Acteurs/Pages/default.aspx) sinn all dës Informatiounen gebündelt ze fannen.

De gréissten Undeel vum Stroum, deen zu Lëtzebuerg produzéiert gëtt, ass op erneierbarer Basis hiergestallt a gëtt iwwert den nationale "Mécanisme de compensation" laut Règlement grand-ducal vum 31. Mäerz 2010 remunéréiert zu engem garantéierten Aspeisetariff, deen iwwert de Règlement grand-ducal vum 1. August 2014 festgeluecht ass. Déi zoustänneg Netzbedreiwer ("gestionnaire de réseau de distribution") si gehalen den Produzenten déi an hiert Netz aspeisen, dës Vergütung auszebezuelen. Well

Netzbedreiwer awer net mat Stroum handelen däerfen, musse si engem Fournisseur dëse Stroum iwwerschreiwen, den dofir een vum ILR festgeluechten "prix de marché de gros" an de Mécanisme de compensation muss abezuelen. Fréier hun d'Netzbedreiwer am Prinzip just engem Fournisseur de Stroum iwwerschriwen. Mëttlerweil, fir Anlagen iwwert 70 kW Uschlossleeschtung loossen des 3-er Kontrakter tëschent dem Produzent, dem Netzbedreiwer an engem Ubidder, de Produzenten awer de Choix, wéi engem Ubidder dëse Stroum soll iwwerschriwe ginn. Et sief heibei awer bemierkt, dass de Stroum, deen de Fournisseur op dës Manéier vun engem Netzbedreiwer iwwerschriwwe kritt, als "groe" Stroum ugesi gëtt. Déi sougenannten gréng Zertifikae "Garantie d'origine" (GO), déi aus dëse Produktioune stamen kritt den ILR zur Verfügung gestallt, deen déi dann en bloc all Joer un dee Fournisseur versteet deen am meeschten dofir bitt. Hei kann och all zougeloossenen Ubidder un dëser Stee deelhuelen. De Revenu aus dëser Stee fléisst erëm an de Mécanisme de compensation eran.